MÄERTERT-WAASSERBËLLEG

Commune
de MERTERT



De Schäffen- a Gemengerot vun der Gemeng Mäertert huet déi traureg Flicht, den Doud vun hirem laangjärege Buergermeeschter, dem

# Gust STEFANETTI

matzedeelen.

De Gust war vun 1982 bis 2016 Member vum Gemengerot. Vun 1985 bis 2000 hat hien d’Amt als Schäffen, ier hien vun 2000 bis 2016 mat vill Engagement an Häerzblutt d’Funktioun vum Buergermeeschter ausgeüübt huet.

Mat dem Gust verléiere mir net nëmmen en aussergewéinlech engagéierte Politiker, mee virun allem e Mënsch, dee mat Passioun, Verantwortungsgefill a Mënschlechkeet seng Gemeng gepräägt huet. Säin Asaz a seng Präsenz wäerten eis feelen.

*Äddi, léiwe Gust.*

Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot, souwéi vun alle Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng Mäertert, drécke mir senger Famill an dëse schwéiere Momenter eis déifst an oprichtegt Bäileed aus.

Um Uschloss un d’Mass organiséiert de Schäffen- a Gemengerot eng Gedenkzeremonie am Kulturzentrum Waasserbëlleg wou dir häerzlech invitéiert sidd.

*307503*